ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Energieminister an un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Diskussioun iwwert d'Evolutioune vum Klima gëtt reegelméisseg de Verbuet vu Kuerzstreckefligg debattéiert. Och op Seminairen an a Presseartikelen zu Lëtzebuerger gëtt esou eng Iddi diskutéiert. Als eng méi "klimafrëndlech" Alternativ gëtt virun allem d'Eisebunn propagéiert.

Dowéinst géife mir der Regierung gär des Froe stellen:

1) Envisagéiert d'Regierung aktuell e Verbuet vu Kuerzstreckefligg vum Findel aus oder op de Findel?
2) Falls jo, wéi eng Parametere gi bei der Definitioun vu sou engem Kuerzstreckeflug applizéiert? Wéi eng Fluglinne a wéi eng Destinatioune kéinte konkret betraff sinn?
3) Wéi eng Gespréicher lafe mat eisen direkten Noperen zum eventuellen Ausbau vun alternativen Eisebunnslinnen, respektiv Connectiounen ?
4) Wéi gedenkt d'Regierung sécherzestellen, datt eis Bierger net opgrond vun engem Zesummespill vum Verbuet vu Fluglinnen a restriktive verkéierspoliteschen Decisiounen an den Nopeschlänner, besonnesch am Beräich vun der Eisebunn, ëmmer méi vun de Reseaue vum internationalen Trafic ofgeschnidde ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten